



Gemeinsam Äntwert vum Sportsminister Georges Engel a vum Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n° 5958 vum 17. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert d'Elitesportler an der Fonction publique

Den honorabelen Deputéierte bezitt sech op d'Äntwert op seng parlamentaresch Fro N° 5784 iwwert d'Elitesportler. Sief nach eng Kéier drun erënnert, dass d'Base légale fir den "Horaire aménagé" fir d'Spëtzesportler am Artikel 14 Punkt 1 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 festgehalten ass :

Art. 14. Des mesures d'appui particulières pour le sportif d'élite.

1. *Un horaire de travail aménagé peut être introduit dans l'intérêt des sportifs d'élite occupés dans le secteur public. Par secteur public il y a lieu d'entendre l'Etat, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois.*

Wichtig an dësem Kontext ass och den Artikel 13 vum uewe genannte Gesetz, dee Follgendes festhält:

Le terme sportif d'élite vise les athlètes dont la qualification sportive est reconnue en tant que telle par le C.O.S.L..

Zu de weidere Froen:

Fro 1

Ewéi och schonns an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5784 gesot, gëtt et soss keng weider gesetzlech Bestëmmungen. Bis elo sinn dës Elitesportler ëmmer, am Konsens zwësche Sportsministère an deem jeeweilige Ressortminister oder engem anere Patron aus dem „secteur public“ bis zu engem Maximum vun 50 % fräigestallt ginn.

Fro 2

Laut dem Artikel 13 vum Sportsgesetz ass déi Mesure vum „ Horaire aménagé“ ze gesinn am Kontext vun der Ënnerstëtzung vum Staat fir d'Spëtzesportler an hirer sportlecher an professioneller Karriär ze begleeden. D'Gesetz hält dëst follgendermoosse fest:

L'Etat s'associe aux mesures du mouvement sportif pour soutenir le sportif d'élite dans sa carrière sportive et dans sa carrière professionnelle.

Vun dëser Mesure profitéieren am Moment eng geréng Zuel vun Spëtzesportler an bei der praktescher Ëmsetzung zesummen mat den jeeweiligen Patronen war bis elo nach kee Problem.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Et ass och net ausgeschloss, dass an nächster Zäit den Artikel 14 vum Sportsgesetz ugepasst wäert ginn, dëst am Kontext vun der Aféierung vun enger ziviller Karriär fir d'Spëtzesportler niewent der aktueller vum Sportszaldot.

Luxembourg, le 25 avril 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel